# D'Fête de la musique nei iwwerdenken

Guy Engels

Loosse mër vläicht emol ë bësse stëppelen an einfach behaapten, datt de Label Fête de la musique mëttlerweil en Allerweltslabel ginn ass, eng Marque, ënnert däer sech alles verpaken a verkafe léisst, wat mat Musek ze dinn huet.

Dat muss guer net schlecht sinn, a mir sinn doudsécher ee vun deene Leschten, déi géifen ee Plaidoyer géint d'Musek halen. Et ass jo och ze begréissen, datt eng Manifestatioun wéi d'Fête de la musique esou en enorme Succès huet. Mä dat verhënnert net, sech spéitstens fir d'Editioun vum nächste Joer Gedanken ze maachen, ob dee gewaltege Wuesstëm och wierklech gutt ass.

„La Fête de la musique n'est pas un festival" – dat war ee vun de Prinzipen, de sengerzäit dee fréiere franséische Kulturminster Jack Lang festgehalen huet. Et sollt e Fest vun der Musek sinn, ee Festdag – an dat op engem festen Dag, dem 21. Juni, dem Summerufank. Dovun si mer 2009 wäit ewech. Mëttlerweil dauert d'Fête de la musique vum 13. bis den 21. Juni – si ass also een ausgewuessene Festival ginn.

Zu Lëtzebuerg wëllt de Kalenner et jo och nach, datt den internationalen Dag vum Museksfest zwee Deeg virun eisem Nationalfeierdag ass. Dorausser huet sech am Laf vun de Joren ee richtegen Amalgame entwéckelt. Manifestatiounen, déi ursprünglech fir Groussherzogsgebuertsdag organiséiert goufen, lafen elo ënnert dem Signum Fête de la musique. Net manner paradox ass, datt d'UGDA op de 14. Juni um Knuedler hire grousse Museksdag hat, eng Woch drop dann d'Museksfest ass. Fir den Duerchernee komplett ze maachen, lancéiert de Stater Syndicat d'initiative dann um Museksdag och nach säi Summer in the City. Deen Dag spillt ë.a. och de Jugendorchester vun der UGDA um Knuedler – dee Concert fënnt een a kengem Programm. Wou soll an deem Gewulls eng Kaz hir Jonker nach erëmfannen?

Een anere Prinzip vun der Fête de la musique ass, datt d'Concerten all gratis solle sinn, fir datt méiglechst vill Leit kënnen derbäi sinn. Mee och hei sinn d'Organisateuren an hirer Programmatioun alles anescht wéi konsequent. Mir huelen ee Beispill zu Iechternach. De Sonndeg, 21. Juni fänkt u mat der Houmass an der Basilika, wou de Basilikakouer d'Liturgie mat enger Mass vum Haydn begleet. Nun ass eng Mass ebe kee Concert an – ausser datt Affer opgehuef gëtt – souwéisou gratis.

D'Fête de la musique ass wierklech eng flott Initiativ. Wa se dat allerdéngs weiderhi bleiwe wëllt, wa se wëllt eppes Eemoleges, Besonnesches, Aussergewéinléches sinn – da muss d'Konzept iwwerduecht a vrun allem nees méi kloer ginn.

Fir all guttgemengte Projet de Wëll ze doen, an e mat ënnert de Fändel vun der Fête de la musique ze huelen – domadder ass leschtendlech kengem gedéngt: weder dem Public a scho guer net der Musek. ◆

*Kulturchronik vum 16.6.2009*

**Et sollt e Fest vun der Musek sinn, ee Festdag – an dat op engem festen Dag, dem 21. Juni, dem Summerufank. Dovun si mer 2009 wäit ewech.**

*De Guy Engels ass Museksredakter beim radio 100,7.*
*Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*